



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech folgend **parlamentaresch Fro** un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Laut mengem Informatiounen ginn an verschiddenen Schoulen am Kader vun de „classes de neige“ Schistagen uganks Februar geplangt.

An dësem Kontext géif ech gär folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung dëst bestätegen ?
- Virum Hannergrond vun der aktueller Kris, kann de Minister eis déi offiziell Linn wat dës Schivakanzen ubelaangt matdeelen ?

Mat déifstem Respekt,

Martine Hansen

Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3372 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1)**

Aktuell plangt keng Lëtzebuerger ëffentlech Grondschoul e Schistage. Eventuell Schistagë goufe, bedéngt duerch déi aktuell sanitär Kris am Kontext vum COVID-19, fréizäiteg annulléiert.

Dräi Lycéeën hunn eng Reservatioun gemaach, fir Mëtt Mäerz Classes de neige ze organiséieren; dës kënnen awer zu all Moment an ouni Fraisen annulléiert ginn.

**Ad 2)**

An deenen zwee Ordres d'enseignement sinn d'Schoulreesen "jusqu'à nouvel ordre" annulléiert; dëst gëllt deemno och fir d'Schistagen.